# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 3** **Freideg, 6. Oktober 2023**

| LU - 9.10. | MA - 10.10. | ME - 11.10. | JE - 12.10. | VE - 13.10. |
|---|---|---|---|---|
| **7C2**<br>Teambuilding | **journée photos 1**<br><br>**7G6**<br>Teambuilding | **journée photos 2**<br><br>**7C3**<br>Teambuilding | | **7G4 / 7P2**<br>Teambuilding<br><br>**15h15 - 17h15**<br>Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau |




**Loscht op ee Rallye zum Thema nohaltegen Entrepreneurship?**

Da mellt iech un iwwert den QR Code!
Gruppen vun 2-6 SchülerInnen
14h00 - 16h30 den 23. Oktober 2023

Bei Froen: Chat un Marianne Lauer

! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! !

## VTT - Moies um 8 Auer

De Portail d'entrée an der Antwerpener-Strooss geet Moies um 7h58 zou. Dir musst also virdrun um Terrain vun der Schoul sinn.

Ab 8h02 gitt dir era gelooss. Wann dir nach méi spéit kommt, da muss dir vir bei der Dier schellen, fir dass een se opmaache kënnt.

Ab 8h20 ass Dier am Portail op, mee dir musst alleguerten an de Sall Don Bosco, op mat oder ouni Excuse.

## Fieldgen for Future

### natur&ëmwelt

*natur&ëmwelt* ass eng Naturschutzorganisatioun, déi zanter dem 28. Abrëll 1920 zu Lëtzebuerg aktiv ass. Dat sinn also méi ewéi 100 Joer. - Deemools huet si „Société pour la protection des animaux et des sites" geheescht, an de Numm gouf dunn zweemol geännert. An 2012 koum et dunn zu enger Fusioun mat enger Rei méi klénge Organisatiounen: esou ass d'„natur&ëmwelt a.s.b.l" entstanen, wéi mir si haut kennen.

Fir d'Schoune vun der Biodiversitéit an enger méiglechst natierlecher Ëmwelt suergen, d'Ëffentlechkeet sensibiliséieren, praktesch, wëssenschaftlech, a politesch Aarbecht, Ëmweltberodung, dat sinn hir Aufgaben. natur&ëmwelt besteet aus dräi Eenheeten: natur&ëmwelt a.s.b.l, Fondation Hëllef fir d'Natur, an d'Fleegestatioun fir wëll Déieren. D'Membere vun natur&ëmwelt a.s.b.l si souwuel a Memberorganisatiounen ewéi och a 40 aner Partnerorganisatiounen opgedeelt. 1650 ha Naturschutzgebitter sinn am Besëtz vun der Stëftung.


Fir méi Informatiounen, gitt op d'Säit vun natur&ëmwelt: https://www.naturemwelt.lu/ oder https://www.naturemwelt.lu/de/ .
Dir wéilt natur&ëmwelt ënnerstëtzen? – Gitt Member!

Quell: natur&ëmwelt

Léo Hellinckx, 3CB

## COUP DE COEUR DU cdi

### Ich sehe was, was du nicht siehst, und das wird wahr




Als Kind hat Julian merkwürdige Visionen… und Jahre später wird er mit einer schockierenden Erkenntnis konfrontiert. Einige seiner Visionen scheinen wahr geworden zu sein. Sieht er Schatten, die die Zukunft vorauswirft? Könnte er also schlimme Ereignisse verhindern? Oder tritt er damit noch größere Katastrophen los?

Der neue Bestseller von der Autorin von EREBOS.

Im CDI

## 1.-Hëllef-Team-Fieldgen

Hues du en 1. Hëllef Diplom?

Bass de interesséiert beim 1.-Hëllef-Team vum Fieldgen matzemaachen?

Da mell dech iwwer Teams bei der Mme Ecker Rita oder an der Infirmerie bei der Mme Mersch Jacqueline.

EHTF
EISCHT HELLEF TEAM FIELDGEN

## Self Defense - Cours fir Meedercher

Zesummen mat der *ALMA Academy* organiséiere mir ee Self Denfense Cours fir Meedercher (10 Seancen) no der Allerheljevakanz :

**Donneschdes vun 14h20 bis 15h25.**

Vum 13. bis den 20 Oktober 2023 kann ee sech iwwer *WebUntis* aschreiwen.

Präis vum Cours : eng Kautioun vun 50 €, déi mer iech zréckiwwerweisen, wann der un all Cours Deel geholl huet.



## Ëmfro: een Thema fir eis Projetswoch 2024

Huel Dir Zäit